

# Alternativen zu Facebook & co.

RTL | Update: 02.03.2022 13:20



© AFP

**Meta, d'Firma hannert Facebook, Whatsapp an Instagram, huet gedreet, dass se hir Servicer aus Europa eraus huele géifen. Well et an Europa awer eng sëllegen Notzer op dëse Plattforme ginn, geheit dat natierlech Verwonneren a Froen op. Mee wéi kënt et fir d'éischt emol iwwerhaapt dozou? Méi Detailer weess den Dennis Fink, Pressesprecher vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg.**

*Dennis Fink: Dat läit dorunner, dass mir e relativ strengt Dateschutzgesetz an Europa hunn an et an der Vergaangenheet e puer Gerichtsuerdeeler goufen, déi aner Méiglechkeeten och verbueden huet, fir d'Donnéen einfach ze iwwerdroen. Kuerz drop huet Meta nees e Statement erausbruecht, dass se net domadder gedreet hätten, well de järeliche Rapport och Risiken fir Investore weist an dat wier eben esou e Risk. Se sinn am gaangen ze probéieren Europa dovunner ze iwwerzeegen fir e Gesetz ze stëmmen den Datentransfert méi einfach ze maachen.*

Meta verdéngt nawell gutt mat Reklammen, och an Europa. Déi Suen ze verléieren, wier natierlech net näischt. Facebook & co. ze läschen hätt kee klengen Impakt op d'Leit.

*Dennis Fink: Wann et esou wäit géif kommen, wouvunner mir mol net ausginn, well se awer nach vill Suen hei verdéngen, ass dass vill Influencer hir Aarbecht géinge verléieren, well se dann d'Plattforme*

*net méi benotze kënnen. Dozou muss ee soen, dass et och ëmmer Alternative ginn fir déi Servicer awer ze erreechen, wéi z.B. VPN oder Proxyen.*

Sollt et elo awer geschéien, muss een no Alternative sichen. Als Alternativ zu Facebook gëtt et z.B. MeWe, déi virun allem Reklamm maachen, d'Notzerdaten net ze verkafen. Privatsphär soll näischt sinn, woufir ee bezuele muss, soen d'Bedreier vum Site selwer. Wien en Ersatz fir Instagram braucht, ka sech VSCO ukucken. Ähnlech wéi Instagram kann een do Fotoen eroplueden a verschaffen, mee amplaz e Like ze verdeelen, kënnen d'Leit d'Fotoe um Account späichere fir ze weisen, dass se hinne gefält. Wien vu Whatsapp net op Telegram sprange wëll, huet nach eng aner Alternativ.

*Dennis Fink: Do fält engem, grad, wann et ëm Whatsapp geet, Signal an, deen zwar och vun enger US-Amerikanescher Firma bedriwwe gëtt, mee deen esou opgebaut ass, dass Signal quasi keng Donnéeën iwwert d'Notze huet. Dat Eenzegt, wat se hunn, ass wéini ee sech ugemellt huet an d'Auerzäit an den Datum, wéini den Handy sech déi leschte Kéier op hire Server connectéiert huet. De Rescht ass alles verschlësselt an et gëtt och näischt gespäichert.*

Hei schwätze mir awer ëmmer am hypothetische Fall, well et nach ëmmer onwarscheinlech ass, dass Meta aus Europa fort geet. Ma vläicht géif engem eng kleng Ofwiesslung vun den Appen awer gutt doen.